N°3193
Entrée le 02.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3193 vum 14. November 2025 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Infrastructures sanitaires dans la Maison de retour".**

**An der Kommissiounssitzung vum 12. November 2025 goung Rieds vun de Sanitären an der Maison retour déi engersäits aus Duschcontaineren an anerersäits aus Toilettecontaineren bestinn.**

De Staat ass net Proprietär vun de Gebailechkeeten. An technesch war et net méiglech,sanitär Ariichtungen an dem Hall 6 vun der LuxExpo ze installéieren, well do keen Accès weder op Waasserversuergung nach op een Ofloss besteet. Aus deene Grënn gouf 2017 – wéi den deemolege Primo-accueil fir *Demandeurs de protection internationale* an eng *Structure d'hébergement d'urgence* (SHUK), déi primär fir Dublin-Fäll ausgeriicht war, ëmgewandelt gouf – decidéiert, déi al sanitär Ariichtungen duerch neier ze ersetzen, déi op Mooss produzéiert goufen.

Well an deem Kader d'Kapacitéit vun de sanitären Ariichtungen an engems drastesch eropgesat gouf, notamment duerch ee supplementären Toilette-Container, dee fir Familljen a Frae reservéiert sollt ginn, huet dësen net méi ënnert den existéierenden Auvent gepasst, deen aus Zäitgrënn net verlängert gouf. Dee besote Container gouf dann och net a Gebrauch geholl, well am Endeffekt weder Familljen nach Fraen an der SHUK logéiert goufen, mee als Reserve gehalen. Aus budgetäre Grënn gouf dann och dono drop verzicht, den Auvent iwwert den Toiletten ze verlängeren, well kee Besoin bestanen huet.

Op der anerer Säit goufen deemools nei Dusch-Containeren opgeriicht, déi all ënnert den Auvent gepasst hunn.

Eréischt mat der Aféierung vun der Maison retour am Oktober 2024 gouf de Toilette-Container fir Familljen a Fraen a Betrib geholl. Vu dass awer zu deem Zäitpunkt de Bedreiwer vun de Foireshale schonn doriwwer informéiert hat, dass am Prinzip am véierte Quartal 2025 den Hall 6 géif mam Hall 7 ofgerappt ginn, fir engem gréissere Bauprojet Plaz ze maachen, gouf op weider Investissementer verzicht, well déi an där Logik och net budgetiséiert goufen. Vun deem Moment un, wou awer gewosst war, dass de besote Projet sech géif verzögeren an d'Maison retour provisoire iwwert 2025 eraus kéint weider genotzt ginn, ass een *Dépassement budgétaire* ugefrot gi fir all d'Sanitären, Duschen an Toiletten, déi entretemps en fin de vie ukomm sinn, ersetzen ze kënnen. D'Toilettë ginn nach am Dezember 2025 ersat an d'Duschen si fir Ufank 2026 geplangt. Bei där Geleeënheet gëtt och den Auvent iwwert den Toilettë verlängert an op béide Säite ginn d'Auventen, wéi schonn méi laang envisagéiert, Richtung Bannenhaff mat transluciden Elementer zougemaach, sou dass zwee iwwerdaachten an zoue Gäng entstinn.

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden